

» **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.**- Här President, ech wäert dat maachen. An ech sinn och bereet, déi Fro, déi nach opsteet vu mir, ze beäntweren.

» **M. le Président.**- Merci, Här Minister.

» **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.**- Ech weess nämlech, dass keng opsteet.

» **M. le Président.**- Ech hu Vertrauen, dass Der Wuert haalt. Madame Flesch!

» **Mme Colette Flesch (DP).**- Här President, am Zesummenhang mat deem, wat Der elo gesot hutt, wëll ech awer festhalen, dass, soulaang d'Sessioun vun der Chamber net zougemaach ass, d'Chamber nach ëmmer besteet an an Aktivitéit ass.

Näischt verhënnert also, dass nach zousätzlech parlamentaresch Froe kënnen un d'Regierung gericht ginn. A mäi Wonsch wär dann, dass se och nach virun de Wahle kéinte beäntwert ginn.

» **M. le Président.**- Dat ass ganz richtig, Madame Flesch, wat Der sot. De Problem ass natierlech deem, dass d'Regierung e gewëssenen Délai huet an dass een net weess, wéini dass déi lescht Froen erakommen an ob d'Regierung sech dann un den Délai hält, well d'Chamber jo awer iergendwann opgeléist wäert ginn. Mä Äre Wonsch, Madame Flesch, ass selbstverständlech an deem, wat ech gesot hunn, mat abegraff.

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeгинnen a Kolleegeen, mir kommen zu eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg. D'Voten, déi vun der leschter Woch nach nozehuele sinn, maache mer no der Diskussioun vun deem éischte Projet, deem op eisem Odre du jour steet.

Virdrun hunn ech folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) La proposition de révision de la Constitution et la proposition de loi suivantes ont été déposées au Greffe:

**6040** - Proposition de loi visant à réviser la Constitution

Dépôt: M. Aly Jaerling, le 06.05.2009

**6041** - Proposition de loi visant à réviser les articles 4. (1) et 4. (2) de la loi du 12 mars 1973 portant réforme du salaire social minimum

Dépôt: M. Aly Jaerling, le 07.05.2009

2. **6040 - Proposition de loi visant à réviser la Constitution**

**Déclaration de recevabilité**

An hirer Réunioun vum 7. Mee 2009 huet d'Presidentekonferenz sech fir d'Recevabilitéit vun enger Proposition de révision ausgeschwat. Et ass d'Proposition 6040, vun där ech just geschwat hunn, vum honorabelen Här Jaerling.

Schléisst d'Chamber sech dem Virschlag vun der Presidentekonferenz un?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou décidéiert.

3. **Ordre du jour**

Wat den Ordre du jour vun dëser Woch ubelaangt, schléit d'Presidentekonferenz lech folgende modifizéierten Ordre du jour vir:

Haut de Mëtteg diskutéiere mer fir d'éischt de Projet de loi iwwert de Régime temporaire d'aide au redressement économique an de Projet de loi iwwert de Régime temporaire de garantie en vue du redressement économique, zesummen an enger Diskussioun. Duerno de Projet de loi iwwert d'Re-

cherche. Duerno deem iwwert d'Grande voirie. Dann de Projet de loi iwwert den Impakt vun Infrastrukturen op d'Natur. Als fënnfte Punkt haut de Mëtteg hu mer d'Motioun vum honorabelen Här Braz iwwert d'Kooperation an de Klimawandel. Zu gudder Lescht hu mer d'Motioun vum honorabelen Här Jaerling iwwert déi biometresch Passbiller.

Muer de Mëtteg um hallwer dräi fänke mer u mam Projet de loi iwwert d'Ofschafe vun der Copie certifiée conforme. Duerno hu mer eng Ofännerung vum Budgetgesetz um Ordre du jour. Dann de Projet de loi 6011A, wat eng Ofännerung ass vun der Statskontabilitéit, dann e Projet de loi iwwert de Finanzsektor a schlussendlech - als leschte Projet vun dëser Legislaturperiod - de Projet de loi 6006, wat eng Ofännerung vum Code du Travail ass, deem ons den honorabelen Här Kaes wäert presentéieren.

D'Wuert huet elo den Här Jaerling fir den Dépôt vun enger Proposition de loi.

4. **Dépôt d'une proposition de loi**

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).**- Merci, Här President. Ech wëll hei eng Proposition de loi déposéieren, déi d'Gesetz vum 24. Dezember 1990 iwwert d'Pré-traité esou ëmännert, dass d'Pensiouns-keesen net méi zur Finanzéierung vun der Pré-traité ajustement bäidroen an dass déi Suen, déi vun deemools un aus de Keese geholl ginn, mussen zrëckbezueelt ginn.

6042 - Proposition de loi portant modification de la loi du 24 décembre 1990 sur la préretraite

**(Interruption)**

» **M. le Président.**- Merci, Här Jaerling. Är Proposition geet an déi parlamentaresch Prozeduren. Den honorabelen Här Bettel huet d'Wuert gefrot.

5. **Dépôt d'une motion par M. Xavier Bettel**

» **M. Xavier Bettel (DP).**- Här President, ech wëll...

» **M. le Président.**- Här Bettel, därerf ech wëssen, ëm wat et geet?

» **M. Xavier Bettel (DP).**- Den Dépôt vun enger Motioun. Ech maachen den Dépôt vun enger Motioun, Här President.

Nämlech, ech mengen, déi Jonk Gréng hunn et och schonn haut an der Zeitung jo gesot, gëschter per Communiqué: Nodeem eng grouss Partei „Juncker on Tour“ ugekënnegt huet, hu mer festgestallt, dass och den Här Biltgen on Tour ass. Et sinn eng ganz Rétsch vu Wahlcampagnen, déi organiséiert ginn, an Informatiounscampagnen vun der Regierung. Et si verschidde Campagnen, déi souguer Projekte betreffen, déi...

» **M. le Président.**- Här Bettel, entschëllegt. Ech hunn lech d'Wuert gi fir den Dépôt vun enger Motioun,...

» **M. Xavier Bettel (DP).**- Ma ech maachen den Dépôt...

» **M. le Président.**- ...net fir den Exposé vun enger Motioun. Déposéiert Är Motioun!

» **M. Xavier Bettel (DP).**- Ech maachen den Dépôt dann hei.

Här President, et si véier Ënnerschrëften drop: den Här Jaerling, den Här Gibéryen, den Här Braz an ech selwer. Wann ee vun de Majoritéitsdeputéierten awer och der Meinung ass, dass d'Politiker näischt an enger Schoul ze dinn hunn, iwwert de Prétexte oder virun de Wahlen, solle se dat och ënnerschreiwen. Soss fannen ech doudsécher nach aner Deputéierter, déi esou eng Situatioun awer doudsécher net mat toleréieren.

**Motion**

La Chambre des Députés,

- constatant les différentes campagnes d'information organisées par le Gouvernement à quelques semaines des élections;

- constatant que certaines de ces campagnes concernent des projets de loi ayant été adoptés il y a plusieurs années;

- constatant que certaines de ces campagnes sont organisées dans des établissements scolaires alors que les organisations politiques de jeunes se sont vues refu-

ser d'organiser des tables rondes au sein des mêmes établissements;

invite les membres du Gouvernement

- cesser tout activisme électoral au sein des établissements scolaires pendant la campagne préélectorale.

(s.) Xavier Bettel, Félix Braz, Gast Gibéryen, Aly Jaerling.

» **Plusieurs voix.**- Très bien!

» **M. le Président.**- Merci, Här Bettel. Mir gesinn, wéini dass mer déi Motioun do diskutéiere wäerten.

Mir kommen dann zu deenen éischten zwee Projekte vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg: de Projet de loi instituant un régime temporaire d'aide au redressement économique an de Projet de loi fir e Régime temporaire de garantie en vue du redressement économique. Déi zwee Projekte ginn an enger Diskussioun behandelt. Den honorabelen Här Castegnaro huet elo d'Wuert als Rapporteur.

Den Här Castegnaro mécht an enger Interventioun de Rapport vun deenen zwee Projeten. Här Castegnaro, Dir hutt d'Wuert.

6. **6003 - Projet de loi instituant un régime temporaire d'aide au redressement économique**

**6004 - Projet de loi instituant un régime temporaire de garantie en vue du redressement économique**

**Rapports de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports**

» **M. John Castegnaro (LSAP), rapporteur.**- Merci, Här President. Dir Häre Ministeren, Kolleeгинnen a Kolleegeen, och aus Zäitgrënn soll et ee Rapport fir zwee Gesetzsprojete sinn, déi sech wéi en Ee deem aneren a villen Hinsichte gläichen. D'Differenz läit dra beim 6003, dass mer vun Aide temporaire schwätzen a beim 6004 vu Garantie temporaire. Ech wäert am Detail dorop zrëckkommen.

Den Hannergrond vun deenen zwee Gesetzer respektiv vun deenen zéng sougenannte Krisegesetzer, déi mer haut a muer behandelen, ass déi dramatesch Entwécklung, déi duerch d'Finanz- an d'Wirtschaftskris provoziert ginn ass, an déi, an dat huet sech jo bewisen, an deene leschte Méint sech ganz staark negativ op den Aarbechtsmaart auswierkt. A vu d'Intensitéit vun där Kris, riskéiere mer natierlech eng sozial Kris, jo eng Katastroph ze kréien, besonnesch dann, wann de Chômage zu Lëtzebuerg, an Europa a weltwäit ausser Kontroll geréit.

Ech wëll kee längeren Historique maachen iwwert d'Ausléiser vun där internationaler Finanzkris duerch déi sougenannten „subprime“-Kreditter, déi awer als Folleg haten, dass ganz Banke bankrott gaange sinn oder faillite gaange sinn, an den USA, mä och doriwwer eraus, an dass an der Folleg dovun ëmmer nach d'Banke Problemer hunn, och ënnereneen, dass Geld léinen ënnert hinne weiderhi schwéier bleift an dass d'Geld verléinen ëmmer nach deier ass.

Mir wëssen, dass d'Staten alleguer vill Milliarden Euro oder Dollar a Bankerettungsaktiounen investéiert hunn; och hei zu Lëtzebuerg ass dat jo passéiert an déi sougenannte systemesch Banken. Net fir de Manager oder den Actionnaire ze hëllef, mä fir e Flächebrand vun negativen Auswirkungen ze verhënneren, déi och hei zu Lëtzebuerg als Folleg eng Beschäftigungskris gehat hätten, well eben duerch den Zesummebroch vun deenen zwou bekannte Banken Zahlungsonfäegkeet a ville Betriber entstann wier, mat deene Konsequenzen op d'Mëttel- a Klengbetriber, déi ech ugedeit hunn.

Déi staatlech Hëllef do, awer och de Konjunkturpak vun der Regierung an aner Moosnamen, déi an der Tëschenzäit getraff gi sinn, sollen net nëmmen e positiven Afloss op d'Beschäftigung hunn, mä sollen och d'Kafkraaft erhalen, sollen iwwer eng niddreg Zënspolitik, wéi se vun der Europäescher Zentralbank jo bedriwwen gëtt, hëllef, d'Saachen ze riichten. Mir hoffen et a mir gleewen och drun, a mir denken an handelen duerfir och positiv. Trotz der weinst der Situatioun duerch d'Finanz- a Wirtschaftskris, déi jo bekannterweis déi gréisst ass, déi mer zënter Jorzéngt kennen.

Déi weltwäit Rezessioun bréngt en Abroch vum Produit intérieur brut, deem no der EU-Kommissioun minus 4% dëst Joer an der EU wäert bedroen, bei Lëtzebuerg minus 3% ugesiedelt gëtt, woubäi de Wirtschaftsminister et eigentlech nach e bësse méi negativ gesäit. Da wësse mer, dass och den Aarbechtsmaart ganz kloer Zeeche vun där Kris dréit. Mir hu ronn 13.000 Mënschen ouni Aarbecht. Mir hunn der ronn 10.000, déi a Kuerzaarbecht sinn. Mir hunn der iwwer 3.000, déi an deene sougenannte Beschäftigungsinitiativen, also och a prekärer Situatioun sinn. A mir wëssen, dass et wuel e liichte Wuesstum um Aarbechtsmaart nach dëst Joer vun 1,4 an d'nächst Joer vun 0,6 soll ginn, mä ëmmerhin, et stinn d'Zeechen éischer op Stuerm.

Och weess een, dass d'finanziell Situatioun vum Stat duerch déi Situatioun leide wäert an amgang ass ze leiden, dass den Defizit 2009 sech bei 1,6% wäert usiedelen, bei ronn 3% fir d'nächst Joer, an d'Pessimisten eigentlech dervun ausginn, dass d'Joer 2011 nach méi en dramatesche Réckgang vun den Einnahme beim Stat wäert kennen.

Déi Saachen a vill anerer sinn den Hannergrond respektiv vun deene sougenannte Krisegesetzer, déi mer elo diskutéieren an an deenen zwee Deeg och ofstëmmen.

D'Haaptaufgab vun der Regierung a vum Parlament muss et sinn, géint d'Rezessioun virzegoen, mat dem Schwéierpunkt, an ech widerhuelen et ëmmer erëm, d'Aarbechtslosigkeit ze bekämpfen, mä och eng sozial Kris ze verhënneren an d'Kafkraaft an d'sozial Ofsécherung vun de Mënschen an dem Land ze halen, jo och ze verbessern. Besonnesch denken ech do u geziilten, selektiv Moosnamen, déi sech am Beräich vun der Administration de l'emploi an hire Leeschtunge mussen opdrängen.

Zu de Projets de loi 6003 a 6004 sief nach eng Kéier gesot, dass déi zwee, wéi déi aacht aner, déi zur Diskussioun stinn, e Bestanddeel si vun engem Moosnamepak, deem d'Regierung de 6. Mäerz an dësem Joer décidéiert huet, fir d'Relance vun der Konjunktur respektiv fir d'Ofsécherung vu Betriber a Beschäftigung ze erméiglechen. Déi Moosnamen, déi mer hei diskutéieren an ofstëmmen, droen d'Handschrëft vu ganz villen Acteuren.

Och dat soll een ënnersträichen. D'Regierung huet se verfaasst, mä d'Krisekommissioun vun dësem Parlament huet während Méint ganz vill drop geschafft a virbereet, mä och d'Sozialpartner hu getrennt an an der Tripartite Hiert derzou bäigedroen, a schlussendlech hunn och d'Berufschamberen e wichtege Undeel um Zustandekomme vun deene Gesetzesprojeten.

Et ass méisseg, haut laang driwwer ze diskutéieren, wou d'Scholdfro vun der Finanz- a vun der Wirtschaftskris läit. Mir liewen dermat, mä et sollt een awer drop hiweisen an ënnersträichen, dass sech fundamental Ännerungen an eisem System opdrängen an dass deen Neoliberalismus, wéi mer e kannt hunn, an dee wëlle Kapitalismus, wéi e sech entwéckelt huet, e Rigel musse virgeschubst kréien an nei Regele musse fonnt ginn.

Dat gesot, geet et elo drëm, konkret Moosnamen ze treffen. Mir maachen et. De Projet de loi 6003 a 6004, wou den Dépôt an der Chamber den 11. Mäerz gemaach ginn ass a wou d'Chambres professionnelles, eng no där anerer, de 16. Mäerz d'Fonctionnaires, den 20. Mäerz d'Chambre des Métiers et de Commerce, den 2. Abrëll d'Chambre des Salariés, sech insgesamt dermat ausenanageresat hunn, kritesch, awer positiv a konstruktiv.

De 26. Mäerz huet déi zoustänneg Chamberskommissioun mech zum Rapporteur fir déi zwee Projets de loi ernannt an huet awer och schonn deeselwechten Dag punktuell Amendementer un deene virleienden Texter virgeholl.

De Conseil d'État huet säin Avis oder seng Avisen zu deenen amendéierten Texter den 21. Abrëll eraginn. Mat enger Opposition formelle am Artikel 13 géint e Virschlag, deem am Projet de loi stoung, no deem virgesi war, dass d'Verlängerung vun deene Moosname per Règlement grand-ducal hätt kënnen virgeholl ginn, op d'mannst zweemol e Joer. Mä de Statsrot ass sech do selwer trei bliwwen mat deem klasseschen Hiwäis, dass déi Matière nëmmen dem Parlament virbehalen ass, mä - an dat ass eng Neierung, déi ee muss ervirsträichen - mat enger flexibeler Approche déi Kéier, wahrscheinlech och krisebedéngt, awer ze begreissen, dass een och iwwert d'Budgetgesetz kéint eng Verlängerung virhuelen.

Déi insgesamt flexibel an och positiv Approche vum Conseil d'État soll een ervirsträichen. Et soll een awer och, wann dat erlaabt ass, de Conseil d'État félicitéieren.



Och si hu sech ganz vill Méi ginn, mat dem Tempo matzehalen, fir dass mer an der Lag sinn, dës Deeg déi Gesetzer ofzehandelen.

Ech wëll awer net verstoppen, dass et am Conseil d'État en Avis séparé gouf, deen, wann een e liest, d'Handschrëft vun engem oder méi echten Neoliberaler oder „alter Haudegen“, wéi een dat géif formuléieren, dréit, déi ouni Rücksicht op Verloschter hir Meinung do vertrueden hunn, dont acte.

Déi zwee Rapporten, déi d'Kommissioun schlussendlech guttgeheescht huet, dat war den 30. Abrëll, an déi sinn lech och zougestallt ginn.

Wat ass den Inhalt vun de Projets de loi 6003 a 6004? Wat sinn d'Gemeinsamkeeten an d'Differenzen? Ech soen nach eng Kéier: Déi Projekte schreiwe sech an an de wirtschaftlechen a soziale Kontext vum Moment. Hiert Zil ass et, de Betriber, déi aus deene Grënn, déi mer kennen, Schwierigkeiten hunn, déi néideg Kreditter zoukommen ze loossen, fir finanziell Enkpäss ze iwerbrécken a fir nei Investitiounen virzehuelen an den Zougank zu neuem Kapital ze erliichter, sief et duerch eben direkt Hëllef, sief et duerch staatlech Garantien. Wichteg ass derbäi ervirzepräichen, dass dat awer nëmme méiglech ass, nodeem déi Betriber all aner Moyenen ausgeschöpft hunn, ouni Chance an deem Fall, an dass ee muss soen, dass dat, wat mer haut ofstëmmen, eng sougenannte leschte Chance duerstellt.

Et muss een och ënnerpräichen, dass béid Texter, an dat ass e wichtige Hiwäis, op enger Kommunikatioun vun der Europäescher Kommissioun vum 17. Dezember 2008 berouen, déi den EU-Bäihëlleferegime temporär erweidert, fir kënnen géint d'Kris virzegoen. An domat huet och d'Kommissioun, trotz alle Kritiken, déi mer oft hunn, bewisen, dass och si krisebedéngt schnell reagéiere kann, a besonnesch an enger Matière, wou d'EU-Direktiven de Spillraum vun den Nationalstaten eigentlech ganz enkageschränkt hunn an dass mer also hei eng Overture kritt hunn. Ech wëll awer och drop hiweisen, dass all bestehend Hëllefenden domat net verschwannen, mä weider genotzt kënnen ginn.

Wat gesinn déi Projets de loi vir? De Projet 6003 schafft eng rechtlech Grundlag, déi et dem Wirtschaftsminister erlaabt, bestëmmt Betriber eng direkt Kapitalsprëtzt vu bis zu enger hallwer Millioun Euro ze ginn. Deen anere Projet, de 6004, gesäit vir, dass de Stat d'Garantië fir Betribskreditter iwwerhuele kann. Déi Garantie ka bis zu 90% vum Solde restant dû ofdecken, maximal dach bei enger Lounmass vum Joer 2008.

A béide Fäll - an ech hunn dat gesot - mussen d'Betriber nowisen, dass se alles ënnerholl hu virdrun, fir zu Geld ze kommen. An et ass och net esou, an ech mengen, dat sollt een hei kloer an däitlech soen: Déi Betriber sinn net an engem État de faillite, mä déi Betriber, déi op normalem Wee keng Sue méi kréien, sollen iwwert déi Hëllefenden ebe Geld kréien, fir ze verhënneren, dass een d'Kand herno aus dem Pëtzt fësche muss. Et soll hei derfir gesuergt ginn, dass d'Kand guer net an dee Pëtzt do erafält.

Da muss een och ënnerpräichen, dass d'Betriber, fir an de Genoss vun deene Bäihëllefenden oder Garantien ze kommen, e strukturéierenden Afloss op d'Lëtzebuerger Ekonomie mussen hunn. Et gëtt Kritäre wéi d'Zougehéieregkeet zu bestëmmt Wirtschaftssektoren, wéi d'Innovationspotenzial, wéi d'international Ausrichtung, wéi d'regional Bedeitung, an am Fall, wou d'Garantie genotzt gëtt, d'Notifizierung, dat heescht den „credit rating“, deen och do mat erugezu gëtt.

Den zoustännige Minister gëtt also autorisiert, dat ze maachen, mä e muss all néideg Informatiounen iwwert d'Entreprise, déi eng Demande mécht, eranhuelen, fir d'Recht méisssegkeet vum Antrag ze beuer-teelen. Déi Betriber mussen hiren Antrag an engem kompletten Dossier motivéieren. An Dir gesitt och an deene Projets de loi eng Annex 1 an 2, wou eng Rei vu Regele festgeschriwwen ginn.

Da soll een ervirpräichen, dass déi Dossieren zéng Joer laang versuergt ginn, fir am Fall der Fälle präiwen ze kënnen, ob e Betriber sengem Engagement net nokomm ass oder bei der Untragsstellung falsch Angabe gemaach huet. Ech erënneren drun, dass d'Garantie eng Lafdauer vun zéng Joer kann hunn.

A Fro komme Betriber, déi iwwer eng Autorisation d'établissement verfuegen an déi Geschäftsaktivitéiten op dem Lëtzebuerger Territoire ausüben. Allerdéngs, an dat ass eng weider wichteg Konditioun, däreiren déi Betriber net scho vum 1. Juli 2008 a Schwierigkeiten gestach hunn. Domat soll verhënnert ginn, dass d'Betriber vun där

Moosnam profitéieren, deenen hir Problemer mat der Kris näischt ze dinn hunn.

Während d'Gesetz 6004, dat iwwert d'Statsgarantie, d'Banken an d'Versicherungen als Notznieisser ausschléisst, oder méi prezis gesot all Betriber, déi der Opsicht vun der CSSF respektiv dem Commissariat aux assurances ënnerstinn, schränkt de Projet de loi 6003 de Krees vun de Bénéficiairé weider an.

Hei sinn och landwirtschaftlech Betriber a bestëmmt Betriber aus der weiderverarbeitender Industrie ausgeschloss wéi och de Kuelebierebau, wann een déi Kommunikatioun vun der Kommissioun liest. Et muss een awer dobäi ervirpräichen, dass et jo nieft deem heiten nach aner Hëllefsprogrammer an Ënnerstüzungsprogrammer gëtt, déi do kënnen spillen.

Wéi an alle Gesetzer, déi Bäihëllefenden aféieren, gesinn och d'Projekter 6003 a 6004 Anticumulbestëmmunge vir, fir ze verhënneren, dass déi Bäihëllefenden an der Somme e gewëssenen Niveau iwwerschreiden an dat zu deloyaler Konkurrenz kéint féieren.

Ausserdeem kann d'Gewährung vun enger Bäihëllef oder vun enger Garantie un zousätzlech Konditiounen geknäppt ginn, wéi zum Beispill d'Reckbezuele vun de Bäihëllefenden. D'Bedéngungen, fir déi Hëllefenden ze kréien, oder d'Garantie, kënnen a sollten an enger Vereinbarung tëschent dem Stat an dem Betriber festgehalen ginn. Ech gesinn dat wéi e Code de déontologie.

D'Chambre des Salariés huet an hirem Avis gefuerdert, dass de Wirtschaftsminister, deen de Betriber gewëssen Zousoe mécht, verpflichtet misst sinn, ganz besonnesch den Thema Maintien dans l'emploi ze fuerderen. Mä vu dass d'Betriber ganz verschidde Situatiounen kënnen hunn, huet eis Kommissioun dervun ofgesinn, dat dote prezis an engem Text ze formuléieren. Mä mir ginn awer dervun aus, an ech och, dass an deenen Diskussiounen dat zu den Oplage gehéiere wäert, déi de Minister un déi spezifesch Betriber mécht, wou dat sech opdrängt.

Wann e Betriber senge Verpflichtungen net nokënn, virzäiteg oder fräiwëlleg de Betriber astellt oder sech d'Bäihëllefenden duerch falsch Angaben erschlach huet, kann de Stat en Deel oder déi gesamt Hëllef zrëckfuerderen. Och gesäit den Text, déi béid Texter, penal Sanktiounen vir, wann déi Responsabel vun de Betriber déi Bäihëllefemëssbräichlech beantragen oder bewosst falsch Angabe gemaach hunn oder Informatiounen zrëckbehalen hunn, wat dann e klore Bedruch wier.

Déi Moosname lafen elo emol bis den 31. Dezember 2010. Sollt sech da weisen, dass déi Kris nach undauert an dass et fir d'Betriber weiderhi schwierig bleift, fir vun de Banke Kreditter ze kréien, da kënnen déi béid Gesetzer och verlängert ginn; wou allerdéngs d'Konditiounen erëm déi ass, d'Europäescher Kommissioun muss do erëm eng Kéier Feu vert ginn.

Ech erënneren nach eng Kéier, wat ech am Ufank gesot hunn, dass de Minister dat iwwer Règlement grand-ducal wollt maachen, de Statsrot dat formell ofgelehnt huet, mä de Statsrot fir eng Kéier gesot huet, et kéint een am Budgetgesetz 2011 dat da regelen. En ass also do vu senger Praxis ofgewäicht - an deem Fall awer ze begreissen.

Zum budgetären Aspekt soll gesot ginn, dass déi Bäihëllef vum 6003 am Rahme vun de verfügbare budgetäre Mëttel ausbezult ginn. D'Regierung beziffert dee Käschtepunkt op 15 bis 30 Milliounen Euro op zwee Jore verdeelt, dat ass awer an der Limite vu Crédits budgétaires disponibles.

D'Garantiesomme, déi de Stat am 6004 iwwerhëlt, ass op eng hallef Milliard Euro begrenzt. Déi hallef Milliard kann een och aneschtens formuléieren. Dat wier wéi wann ee Betriber alles géif kréien, dee ronn dann 10.000 Leit beschäftegt, déi eng Lounmass, all eenzel Mataarbechter, vu 50.000 Euro hunn, da géif een op déi Zomm do stousen. Dat ass also schonn e beträchtliche Betrag, deen net gutt iwwereneestëmmt mat där enger Millioun awer net limitative Budgetartikel, dee virgesinn ass.

Am Bezuch op de Projet 6004, d'Garantiegesetz, huet d'Chambre des Métiers virgeschloen, am nächste Budgetgesetz en neie Kredit anzuschreiwen, fir d'Verloschter vun der Mutualité de Cautionnement, déi et am Handwierk an am Handel gëtt, opzefänken respektiv hir Kapitalbasis ze stärken. Domat kéinten eigentlech méi Petites et moyennes entreprises gehollef kréie wéi mat deem Garantierégime, dee mer haut votéieren. D'Wirtschaftskommissioun sollt dese Vorschlag an hiren nächsten Aarbechten a bei der Opstellung vum Budget 2010 berücksichtegen.

Ofschléissend sief nach drop higewisen, dass an e puer Avisen d'Fro opgeworf ginn ass, ob mat deene staatlechen Hëllefenden net genee déi Betriber ënnerstëtzt oder künstlech um Liewe géife gehale ginn, déi an der Vergaangenheet schlecht gewirtschaft hunn, an déi gesond Betriber näischt kréien. Dozou ass ze soen, dass et net d'Absicht ass vum Législateur, fir schlecht geféiert Betriber ze retten, mä dass et drëm geet, Betriber ze hëllefenden, déi duerch d'Kris - an nëmmen duerch d'Kris - Problemer kritt hunn - Problemer, Kreditter ze kréien -, déi se ouni Kris ouni Weideres hätte kënnen kréien. Dat heescht, déi béid Gesetzer gesi jo derfir de Stéchdatum vum 1. Juli 2008 vir a schränken domat de Krees vun de Bénéficiairen eigentlech grob an.

Här President, Här Minister, Kolleeginnen a Kolleegen, zum Schluss e puer Iwwerleeungen. Och déi béid Gesetzer sollen derzou bäidroen, fir Betriber iwwert déi Duuschtstreck, déi mer mat der Kris erliewen, ewechzekeréien an derzou bäidroen, dass se fit sinn, wann d'Reprise erëm do ass.

Deeselwechte Prinzip gëllt jo beim 6006, dee muer hei zur Debatt steet, wou et ëm de Chômage partiel an dem Maintien dans l'emploi geet, wou déi Notioun vu Formatioun ganz vill Bedeitung kritt. Mä dat ass: Wéi bei de Betriber ass et do, bei de Salariéeren derfir suergen, dass souwuel de Betriber wéi seng Salariéé fit a prett sinn, fir mat der Relance no der Kris kënnen dem mat Sécherheet méi staarke Konkurrenzkampf erfollegräich ze begéinen.

Ech wëll och drop hiweisen, dass et an där Vereinbarung, déi et tëschent dem Minister an de Betriber soll ginn - déi Konditiounen, wann ee wëllt, wéini se da Sue kréien, dee sougenannte Code de déontologie, wéi ech dat formuléieren, ouni dass e festgeschriwwen ass -, eng Rei vu Regele muss ginn.

Et soll ee wëssen, de 6003 an de 6004 hëllefenden net nëmmen de Betriber, och de Salariéeren. Si hëllefenden awer och de Manager, de Patronen an den Actionnaires. Si kréien Hëllef, wat d'Geld vun der Allgemengheet ass, a si müssen, wa se déi Hëllef beantragen, och déi néideg Bescheidenheet un den Dag leeë bei hiren eegenen Uspréich. Och dat ass eng Fro vu Glaubwürdigkeet an eng Fro vu Vertrauensbildung. An do denken ech drun, dass keng Tantiëmen ausbezult ginn,...

» **Une voix**.- Très bien!

» **M. John Castegnaro (LSAP), rapporteur**.- ...dass keng Dividenden ausbezult ginn, dass Bonien an aner Saachen net bezult ginn. Ech mengen, dass dat derzou géif gehéieren.

Här President, Här Minister, Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll all deene Merci soen, déi mat där Rapiditéit, wou mer geschafft hunn, derzou bäigedroen hunn, dass mer déi zwee Projets de loi hei haut kënnen presentéieren.

Déi Schnelllegkeet, déi Flexibilitéit an déi Reaktionsfäegkeet maache Mutt, maache Courage an enger Zäit, wou alles schwierig ass. An ech mengen, dat wier awer eng wesentlech Viraussetzung, well ee beweise kann, dass een d'Erausfuerderung, déi d'Kris un ee stellt, ka meeschtieren, wann de Wellen an d'Energie duerfir do ass. An hei geet et ëm d'Interesse vum Land an ëm d'Interesse vun de Bierger an dësem Land.

D'LSAP stëmmt natierlech déi Gesetzer, an ech soen en décke Merci.

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

» **Une voix**.- Bien!

» **M. le Président**.- Merci, Här Castegnaro. Den éischte Riedner ass den honorabelen Här Michel Wolter. Här Wolter, Dir hutt d'Wuert.

**(Interruptions)**

Loosse mer zum Schluss net gehässeg sinn.

**(Hilarité)**

Här Wolter, wann ech geliift.

**Discussion générale**

» **M. Michel Wolter (CSV)**.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen haut a muer eng ganz Rei vu Projeten, déi dobaussen ënnert dem Konjunkturpak bekannt sinn. Lassgeléist vun deenen zwee Projeten, déi mer elo hei diskutéieren, wollt ech am Numm vun der CSV-Fraktioun e puer Remarquen iwwert de ganze Pak maachen.

Mir sinn am September/Oktobre vum leschte Joer weltwäit an eng Situatioun geroden, wou, ausgeléist vun enger Bankekris, mer an eng Kris vun der Weltwirtschaft

gerode sinn, an déi eenzel Länner, dozou gehéiert och Lëtzebuerg, sinn am Fong erausgefuerdert gewiescht, fir Äntwerten ze fannen op hir spezifesch Situatioun.

De Konjunkturpak, deen haut hei virläit, deen am Fong d'Émschreiwung oder d'Iwwersetzung vun deem Deel ass, deen de legislative Wee vum Konjunkturpak muss goen, ass d'Äntwert vun eis, vu Lëtzebuerg, vun der Lëtzebuerger Regierung, mä, ech hunn d'Impressioun, wäit doriwwer eraus, op déi Kris.

Et ass e Konjunkturpak, an dat muss een ëmmer an ëmmer an ëmmer nees widderhuelen, et ass kee strukturelle Pak.

Et ass e Pak, deen et soll erlaben, iwwert d'Joren 2009 an 2010 ewechzekommen, an der Hoffnung, dass sech d'Weltwirtschaft, an domat och d'Wirtschaft hei zu Lëtzebuerg, an deenen nächsten zwielef bis 24 Méint erhëlt, an deen et soll erlaben, en duebelt Zil ze ereechen: Zum engen, dass mer da Betriber hunn, déi nach gutt dostinn an déi no der Kris weider kënnen an der internationaler Konkurrenz bestoen; an zweetens, dass déi Betriber no der Kris och kënnen op déi Leit zrëckgräifen, déi se virdun der Kris haten. Net an eng Situatioun ze komme vun „hire and fire“, vun elo kuerzfristige Reaktiounen, wou Leit aus der Aarbecht géifen erausgeholl ginn, déi dann duerch anerer, ganz oft no zwielef oder 24 Méint nees missten ersat ginn.

Et ass eng Äntwert, déi e ganz zolitte Montant och beinhaltet. Well mir schwätzen hei iwwer e Pak, deen 1,2 Milliarden Euro beinhaltet. Et ass interessant ze gesinn, dass déi 1,2 Milliarden Euro zimlech genau deem Montant och entsprechen, deen duerch d'Tripartite am Joer 2006, och opgrond vun Diskussiounen, déi mer hei an der Chamber haten, am Oktober an November 2005, wou an der Tripartite Mesurë geholl si ginn, déi ee graff iwwer 400 Milliounen pro Joer ka bezifferen, sou dass mer iwwert d'Joren 2006, 2007 an 2008 eise Budget entlaascht hunn iwwer praktesch exakt dee Montant, dee mer elo 2009 an 2010 kënnen an eis Wirtschaft an an eis Aarbechtsplazen dann eraschéissen.

Och dat ass net vum selwe gaangen, mä et ass d'Konsequenz vun enger Politik, déi iwwer laang Joren a Jorzéngten zu Lëtzebuerg erfollegräich duerchgezu ginn ass, nämlech ze kucken, wa méiglech a gudde wirtschaftlechen Zäite Suen op d'Säit ze leeën, déi een da ka benotze fir wann et wirtschaftlech manner gutt geet, fir se dann an de Circuit ze injectéieren.

Dass mer dat gemaach hunn, dat bréngt och mat sech, dass mer haut net an enger Situatioun sinn, wou mir schonn am éischten Trimester vun 2009 oder am zweeten Trimester vun 2009 musse reagéieren, wéi verschidden aner Länner dat gemaach hunn an deene leschte Wochen. Ech schwätzen net emol vun den Islänner, ech schwätze vun Irland, ech schwätze vun Ungarn, ech schwätze vu Griichenland, wat zum Deel Länner och waren, besonnesch am Fall vu Griichenland, déi ëmmer traditionell eng héich Verschëldungspolitik gemaach hunn um Niveau vun hirem Statsbudget. Eng héich Verschëldungspolitik, déi et da selbstverständlech mat sech bréngt, dass, wann ee wirklech seriö getraff gëtt, een dann d'Ressourcen net méi huet, d'Méiglechkeeten net méi huet, fir antizyklesch Politik ze maachen, sou wéi mir se hei kéinte maachen.

D'CSV-Fraktioun ënnerstëtzt deemno mat zwou Hänn dee ganze Pak, deen hei vun der Regierung ficeléiert ginn ass, esou wéi de Rapporteur et gesot huet, am Zesummespill mat enger Rei oder mat villen aneren, der Spezialkommissioun an der Chamber, de Sozialpartner an och de Beruffschamberen, déi eng Rei vun Inputen eraginn hunn, fir dee Pak hei esou ze ficeléieren, wéi en haut ass.

Zu de Projeten 6003 a 6004 wëilt ech fir d'éischt dem John Castegnaro, dem Rapporteur, Merci soe fir souwuel seng schrëftlech wéi och säi mëndlech ganz engagéierte Rapport, sou wéi mer dat vun him kennen. Hie war esou komplett, dass ee quasi zu deenen zwee Projeten näischt brauch derbäizeféieren.

D'Zilsetzungen huet e ganz kloer definéiert, déi an deene Projeten do verfollegt ginn. En



huet op d'Contrainten higewisen, en huet op d'Erausfuerderungen higewisen. En huet och drop higewisen, wat alles muss gemaach ginn, sou dass ech mech kéint drop limitéieren, eng Remarque am Numm vun eiser Fraktioun, déi en och a sengem Rapport bruecht huet, nach eng kéier erauszébréngen.

An dat ass déi, dass mer definitiv der Meenung sinn, dass déi Proposition vum der Wirtschaftskommissioun vun der Chamber, nämlech am Projet de budget fir d'Joer 2010 zwou Positionen anzesetzen, am Intérêt vun de klengen an de Mëttelbetriber, à savoir d'Prise en charge vun de Verloschter vun de Mutualitéite vum Handel an dem Handwierk zum engen an zum aneren och d'Kapitaldotatiounen en faveur vun deenen zwou Mutualitéiten, dass mer déi kloer an daitlech ënnerstëtzen, well mer och an där ganzer Krisebekämpfung der Meenung sinn, dass een déi Kleng- an déi Mëttelbetriber net däerf vergiessen. Well déi Kleng- an déi Mëttelbetriber zu Lëtzebuerg eng grouss Tradition hunn, och eben am Schafen an am Erhale vun Aarbechtsplazen.

An deem Sënn géif ech zu deenen zwee Projeten och den Accord vun eiser Fraktioun wëlle ginn.

Ech soen lech Merci.

►►► **Plusieurs voix.**- Très bien!

►►► **M. le Président.** - Merci, Här Wolter. D'Wuert huet elo déi honorabel Madame Colette Flesch.

►►► **Mme Colette Flesch (DP).**- Merci, Här President. Här President, léif Kolleegen, de Rapporteur huet hei säi Bericht ofgeschloss, andeem en all deene Merci gesot huet, déi an deem Kontext vun - wéi soll ech soen? - Rapiditéit a Flexibilitéit derzou bäigedroen hunn, dass dee Projet de loi, déi zwee Projets de loi hei kéinten an dem gegebenen Zäitraum virun d'Chamber kommen.

Et sief mir erlaabt, Här President, dem Rapporteur Merci ze soen, dass hien...

►►► **Une voix.**- Très bien!

►►► **Mme Colette Flesch (DP).**- ...seng Rapporten zu deenen zwee Projeten, souwuel déi schréftlech wéi och dee mëndlechen, fäerdeg gestallt huet, dass mer konnten effektiv dës Woch déi zwee Projete stëmmen.

Wéi den Här Wolter virdru gesot huet, ass de Rapporteur am Detail op all déi Problemer agaangen, déi déi zwee Projete stellen, an och op déi Konditiounen, déi d'Regierung gestallt huet, fir dass déi Aide an déi Garantie, déi an de Projeten 6003 a 6004 virgesi sinn, kënnen attribuéiert ginn. Ech wëll also och net den Exercice maachen, dat alles nach eng kéier zu répétéieren, mä ech wëll mech nëmmen op e puer allgemeng Remarquë beschränken.

Déi zwee Projeten - deen een iwwert d'Bäihëllef, deen aneren iwwer eng Garantie - stelle sech an de Kader vun enger Situatioun, mat där mer elo konfrontéiert sinn an déi déiselwecht ass fir de 6003 wéi fir de 6004.

Engersäits musse mer ons beschäftege mat der Krisis, mat där mer konfrontéiert sinn a mat där d'Entreprisé konfrontéiert sinn, an anersäits musse mer wëssen, dass am Domän vun de staatleche Bäihëllef mir zu Lëtzebuerg wéi all d'Memberstaten nëmme kënnen handelen am Kader vun der communautair Gesetzgebung a mat deene Limiten, déi dee Kader virgesäit.

Nun ass et esou, dass d'Kommissioun de 17. Dezember 2008 eng Décisioun ugeholl huet, déi eng gewësse Flexibilitéit an dee Kontext vun de staatleche Bäihëllefen introduzéiert huet an zousätzlech Méiglechkeete geschafen huet, ënnert deenen d'Länner kënnen hiren Entreprises zur Säit stoen.

De Grondprinzip ass, dass gewësse Bäihëllef, déi normalerweis verbuede wären, kënnen justifiéiert gi während enger beschränkter Zäit, fir deene ganz gravë Perturbatiounen, där ons Economie ausgesat ass, ze remédiéieren an dëser ebe Period vu Krisis.

Ech wëll direkt am Numm vun der DP-Fraktioun soen, dass mir déi Mesuren, déi hei

virgeschloe sinn an de Projete 6003 a 6004, ënnerstëtzen.

D'Dispositifen, déi hei virgesi sinn, a se sinn ähnlech an deem engen an an deem anere Fall, bezéie sech op Entreprises, déi entweder duerch dee Secteur, an deem se täteg sinn, duerch hiren technologeschen an innovative Potenzial, duerch hir Overture à l'égard vun internationale Mäert, oder dee Rôle, dee se an der regionaler oder nationaler Entwécklung hunn, eng strukturant Influenz op ons national oder regional Economie kënnen hunn.

Déi Kritären, déi dem Minister oder de Ministere - dem Minister am 6003, deenen zwee Ministere am 6004 - hir Aktioun aschreift an an engem gewësse Mooss aschränkt, bréngt zwou Berufschamberen, notamment d'Chambre des Métiers an d'Chambre des Salariés, déi zwar déi Moossnamen hei bejoen, awer derzou ze fäerten, dass se kéinten e perturbatoreschen oder en antikonkurrenzellen Impakt hunn, dee sech maassgeblech negativ à l'égard vun de klengen a Mëttelbetriber géif ausdrécken.

De Conseil d'État huet sech och d'Fro gestallt, ob an Terme vun Équitéit a vu gudder Allocatioun vun den öffentleche Gelder net e Risiko besteet, dass déi Bäihëllef an déi Garantien, déi hei proposéiert sinn, haapt-sächlech un déi Betriber ginn, déi schlecht dru sinn, anstatt deenen ze hëllef, déi gutt drop sinn an déi sech vill Méi ginn, fir gutt drop ze bleiwen.

De Rapporteur ass op dee Problem agaangen. An ech mengen, et muss ee feststellen engersäits, dass déi Gesetzgebung, déi mir elo hei decidéieren, sech éischstens muss afügen an de communautair Kader. An e ganzen Deel vun de Komplikatiounen a vun den Exigenzen, deene mer ons hei musse beugen, stamen eben aus der communautair Gesetzgebung hier. Dat ka sécherlech derzou féieren, dass d'Zuel vun de Betriber, déi vun dëse Mesurë kënnen profitéieren, relativ beschränkt bleift.

A vu d'Komplikatioun vun de Mesuren, déi hei virgesi sinn, a vun de Konditiounen, deenen ee sech muss ënnerwerfen, kéint et och wuel sinn, dass et fir déi grouss Betriber méi einfach ass, deem Rechnung ze droen, wéi fir déi Kleng- a Mëttelbetriber. Mä nach eng kéier wëll ech hei soen: Dat ass net, well mir déi Problemer oder déi Hürden an ons Gesetzgebung wollten abauen, mä dann ass dat awer eng Konsequenz vun deem gemeinschaftleche Kader, an dee mir ons mussen afügen.

Ech géif weider derzou soen an notamment zu de Préoccupationne vum Conseil d'État, dass ee muss ënnersträichen, dass am Fong hei virgesinn ass, dass nëmmen déi Betriber kënnen vun deene Bäihëllef a Garantie profitéieren, wa se virum 1. Juli 2008 net a Schwierigkeete woren. Dat heescht, et sinn net, wéi d'Chambre des Salariés et fäert, d'Betriber, déi amgang si faillite ze goen, dat heescht, et sinn net d'Betriber, déi schlecht géréiert sinn, mä et si Betriber, déi normal fonctionnéiert hunn an déi op eemol weinst der Kris op Kreditschwierigkeete stoussen an deenen ee muss an dësen Zäite kënnen entgéintkommen.

Här President, am Zesammenhang mam Projet 6004 huet de Rapporteur schon drop higewisen, dass d'Chambre des Métiers an hirem Avis vum 20. März 2009 derfir plädéiert huet, dass ee sollt eppes Zousätzlech am Kader vum Budgetgesetz 2010 maachen, an zwar e Crédit non limitatif virgesinn, deen eng Participation temporaire géif kënnen virgesinn, fir d'Verloschter ze decken, déi d'Mutualitéiten aus dem Artisanat an dem Commerce erfueren, an déi aus der Couverture also vun de Perten entstinn, déi op deene Cautionnement accordéiert sinn. Si schloen also vir, et soll een am Budget 2010 eng Dotation spécifique, e Fonds de garantie zu deem Zweck virgesinn.

D'Chambre de Commerce huet an hirem Avis vum selwechten Dag sech den Iwwerleeung vun der Chambre des Métiers ralliéiert. A wéi de Rapporteur gesot huet, huet d'Ekonieskommissioun dat och matgedroen an déi Suggestioun mat an hire Rapport iwwerholl.

Här President, dat ass d'Ursaach, woufir ech am Numm vun der DP-Fraktioun géif wëllen eng Motioun déposéieren, wou mer d'Regierung invitéieren, dat Néidegt ze ënnerhuelen am Kader vum Budgetgesetz 2010, fir dass d'Regierung, egal wat se nom 7. Juni ass, déi Suerg vun der Chambre des Métiers a vun der Chambre de Commerce an déi Suerg vun der Ekonomieskommissioun vun dëser Chamber net vergësst, an dass effektiv am Kader vum Budgetgesetz 2010 där Suerg Rechnung gedroe gëtt.

Déi Motioun, Här President, ass ënnerschriwwen vu menge Kolleegen Claude Meisch, Xavier Bettel, Fernand Etgen, Charles Goerens a vu mir selwer. Mä selbstverständlech, wann aner Kolleegen sech wëllen där Motioun uschléissen, si se wëllkomm. Mir si souguer bereet, véier Nimm zréckzéien, fir dass véier aner Leit dat kënnen mat ënnerschreien.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- *considérant l'avis de la Chambre des Métiers du 20 mars 2009 par lequel cette chambre professionnelle plaide pour la réinscription dans la loi budgétaire d'une participation étatique temporaire à la couverture des pertes subies sur les cautionnements accordés aux membres des mutualités de cautionnement de l'artisanat et du commerce;*

- *considérant l'avis de la Chambre de Commerce du 20 mars 2009 par lequel cette chambre professionnelle se range à l'avis de la Chambre des Métiers sur ce point;*

- *considérant le rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports du 30 avril 2009 par lequel la Commission retient ladite suggestion qui serait à considérer lors de l'établissement de la prochaine loi budgétaire;*

- *notant qu'une telle participation étatique pourrait constituer une réponse politique adaptée aux considérations des PME luxembourgeoises opérant sur les marchés régionaux et locaux et dépendant souvent des capacités de développement résiduelles de l'industrie, fortement touchée par la crise économique actuelle;*

invite le Gouvernement

- *à inscrire dans le projet de loi budgétaire 2010 un nouvel article à caractère non limitatif, introduisant un «fonds de garantie» bénéficiant d'une dotation substantielle temporaire permettant de réaliser les dotations en capital de couverture et le remboursement partiel des pertes subies par les mutualités de cautionnement de l'artisanat et du commerce.*

(s.) Colette Flesch, Xavier Bettel, Fernand Etgen, Charles Goerens, Claude Meisch.

Ënnert deene Virzechen, Här President, si mir bereet, déi zwee Projeten ze stëmmen.

Ech soen lech Merci.

►►► **M. Charles Goerens (DP).**- Ech zéie mech zréck fir den Här Kaes.

►►► **M. le Président.**- Merci, Madame Flesch. Den honorabelen Här Kox huet d'Wuert.

►►► **M. Henri Kox (DÉI GRÉNG).**- Bon, meng Virriedner sinn des Wäiten an des Breden op déi zwee Projeten agaangen. Ech wëll dofir dem Rapporteur nach eng kéier Merci soe fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport, an ech bréngen dofir den Accord vu menger Fraktioun.

Merci.

►►► **Plusieurs voix.**- Très bien!

►►► **M. le Président.**- Merci, Här Kox. Den Här Wirtschaftsminister Jeannot Krecké huet d'Wuert.

(Interruption)

Jo. Ech géif jiddweree bidden, dee wëllt d'Wuert ergräifen, sech anzeschreien. Här Henckes, wann ech gelift.

►►► **Une voix.**- Et ass erëm Chaos bei der ADR.

►►► **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir si frou, datt d'Europäesch Kommissioun de 17. Dezember 2008 d'Weihe gestallt huet, fir datt mer haut déi zwee Gesetzer kënnen an onser Chamber diskutéieren a stëmmen. Et muss ee festhalen, datt an deem Projet 6003, wou et ëm d'Hëllef geet bis 500.000 Euro pro Betrib, datt dat eng wichteg Hëllef ass, haapt-sächlech fir déi Kleng- a Mëttelbetriber, déi kënnen viséiert sinn. Mä et stelle sech awer an deem Kontext e puer Froen.

Esou steet am Artikel 2, Paragraph 1: «Le Ministre peut octroyer des aides.» Dat bedeit also, datt de Minister, souguer wann e Betrib all d'Konditiounen erfëllt, fir kënnen eng Hëllef ze kréien, deen Ablack awer déi Hëllef net muss ginn. Dat schéngt relativ arbiträr kënnen ze sinn. Dofir wä ech nawell frou, wann de Minister ons e puer Erläuterunge kënn ginn, wéi en dee Saz do ausdäitscht. Et ass notamment vill vun Transparenz Rieds gaang an dem Gesetzesprojet, dofir wär déi Präzisioun do absolut noutwendeg.

Dann ass och kloer festgehalen ginn, datt mer net sollten enger Entreprise hëllef, déi souwisou failliteverdächtig wär. Dat schéngt och eng positiv Saach ze sinn.

D'Regierung schwätzt dovunner, datt eng 30 bis 60 Betriber kéinte vun där Hëllef do profitéieren. Dat mécht also eng Dépense vu 15 bis 30 Milliounen Euro, déi an dësem Budget respektiv an deem vun 2010 misste figuréieren. Dofir wollt ech och de Minister froen, ob en diesbezügliche Montant am Budget 2009 figuréiert respektiv ob ee kann op en anere Budgetartikel zréckgräifen, fir déi Suen och effektiv un d'Betriber auszebezuelen.

Dann ass och d'Suerg gewiescht vun der Chambre des Salariés, ob net sollte Konditiounen fixéiert ginn am Gesetz respektiv an den Négociatioun mam Stat, wat d'Personal ugeet, ob dann och eng Garantie do wär, datt d'Personal géif seng Aarbechtsplaz behalen.

Den Dirigeant: Do mengen ech och, datt vun alle Säite gesot ginn ass, datt et net esou kéint sinn, datt an engem Betrib, deen eng Hëllef kritt, dann ee vun den Dirigeant kéint e substaanzielle Bonus ausbezueelt kréie fir déi Period, wou déi Hëllef soll elo intervenéieren.

Zu deenen zwee Punkte wär ech frou, wann de Minister ons kéint déi Explicatioune widerhuelen, déi en ons an der Kommissioun ginn huet, well et ass awer wichteg, datt mer zu alleguerten deene Froen, déi diskutéiert ginn dobaussen, och öffentlech kënnen hei eng Stellungnahm vun der Regierung kréien.

Dat gesot, ass natierlech mat deenen zwee Gesetzer, déi mer haut diskutéieren a solle stëmmen, nach munches net gemaach. Déi nächst Regierung kritt ganz vill Aarbecht, souwuel wat d'Banken, d'PMEen an d'Industrie ugeet, fir ons Economie, ons Bankplatz nees erëm op Vordermann ze bréngen, fir datt mer, wann d'Reprise sech bemierkbar mécht, ons Entreprises och kompetitiv an déi nei Wirtschaftsentwécklung kënnen influenzéieren.

Dat gesot, wëll ech och dem Rapporteur, dem John Castegnaro, villmools Merci soe fir säi Rapport, deen e mat ganz vill Enthusiasmus hei virgedroen huet. Et war och ganz vill Aarbecht vun em erfuerdert, fir an esou kurzer Zäit esou e komplizéierte Rapport zuster ze bréngen.

Dat gesot, wëll ech soen, datt d'ADR hir Zoustëmmung zu deenen zwee Gesetzesprojete bréngt.

►►► **M. le Président.**- Merci, Här Henckes. Eise Wirtschaftsminister, den Här Jeannot Krecké, huet elo d'Wuert.

►►► **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.**- Dat héieren ech gär. Merci, Här President, fir de Possessivpronomen.

(Hilarité)

Ech soen awer net nëmmen lech Merci, ech soen och alle Leit, déi hei involvéiert waren, Merci. Mir hunn emol eng kéier erëm eppes fäerdeg bruecht, wat mer oft virgeworf kréien net capabel ze sinn, nämlech schnell ze reagéieren. Hei huet wierklech an der ganzer Chaîne vun der legislativer Aarbecht jiddweree ganz schnell reagéiert an ass och mat ganz vill guddem Wëllen drun erugaang.

Ech soe selbstverständlech besonnesch der Wirtschaftskommissioun erëm eng kéier Merci, déi hei eng exzellent Viraarbecht gemaach huet mat menge Leit. De Rapporteur, mengen ech, huet och déi noutwendeg Detailler an deen noutwendige Seriö an der Explikatioun erabruucht.

E Wuert awer vläicht zum Kader vun deem Ganzen.

Dat Éischt ass, mir hu ganz fréi, wéi déi Kris ugaangen ass, probéiert direkt drop ze reagéieren, wéi d'Kommissioun higaangen ass a gesot huet: Mir änneren den Encadrement vun den Aiden. Mir hunn direkt Leit beoptraagt, Projeten auszuschaffen, déi elo deem Rechnung droen, wat d'Kommissioun méiglech mécht. Do waren nämlech eng ganz Rei Saachen, déi mir net méi an eisen Instrumenter haten oder net méi an där Envergure haten; notamment déi vun de Garantien. D'Garantien hate mir an där Form net méi. Duerfir ass dat e Projet, dee ganz nei ass.

Firwat hu mer déi Aiden do geholl? De Rapporteur huet et ugedéit. Et ass éischstens, dass mer muss Mesurë fannen, fir d'Kris ofzufiedere, an zweetens, dass mer Mesurë fannen, wou mer strukturell eis Wirtschaft anescht dohinnerstellen. Den Här Wolter huet virdru gesot, datt wäer keng strukturell Moossnamen. Et ass wouer, dat hei si keng. Mä awer dee Projet, deen



duerno kënnt, reit sech an an déi Projeten, déi awer strukturell eppes un eiser Wirt-schaft wäerten änneren.

Wéi si mer drun erugaang? Mir hu gekuckt déi Secteure vun Handel, Handwierk an de Bau haaptsächlech: Wéi kënne mer deem hëllefen? Dat si jo Secteuren, wou mir eng Aart Bannemaart hunn oder zumindest an der Groussregioun kënnen eppes maachen. Dee Support hu mer bruecht iwwert d’Kaf-kraaft, déi mer gestärkt hu säit dem 1. Ja-nuar, an iwwer all déi Subsiden, déi mer zur Verfügung gestallt hunn, fir ze kucken, dass d’Renovatioun vun eise Gebaier, haapt-sächlech am Beräich vun de private Wun-nengen, ugekuerbelt gëtt.

De Minister, zoustänneg fir d’öffentlech Bau-ten, huet e ganze Programm dohinnerge-luecht zesumme mam Transportminister, wou se eben iwwert d’öffentlech Investisse-menter probéiert hunn, deene Secteuren déi noutwendeg Aarbecht zur Verfügung ze stellen, déi vläicht am privaten Deel net méi disponibel waren.

Déi Industrien oder déi Betriber, déi am Ex-portberäich schaffen, waren déi, déi eis déi meeschte Suerge gemaach hunn, well mer do eisen Afloss op de Redémarrage nun definitiv net am Grëff haten. Mir sinn dofir hi-gaangen an hunn d’Kuerzzäitaarbecht, déi souwuel dem Betrib wéi och de Leit hëlleft, méi flexibel gemaach. Dir wäert jo muer als Chamber och nach eng Kéier iwwert dat Gesetz kucken.

Dat Zweet ass: Mir hunn déi do zwee Punk-ten ervirgestrach, nämlech eng direkt Hël-lef, a mir hu probéiert eben de Kader vun der Kommissioun exakt anzehalen. Fir do net onnëtz Schwierigkeeten eropzebe-schwieren, hu mer deen exakt agehalen, a mir hunn d’Méiglechkeet vun der direkter temporärer Hëllef ageschriwwen, grad wéi mer d’Garantie agefouert hunn, déi et, wéi gesot, bis dohinner net ginn ass.

Mir hunn derniewent awer nach eng Rei Me-suré geholl. Ech erënneren drun, dass mer den Ducroire anescht ausgestatt hunn. Den Ducroire, deen am Fong geholl soll versi-chen ze kompenséieren do, wou elo am Mo-ment eng Rei Assurancen, wat den Export ubelaangt, net méi privat funktionéieren, mä dass se do am Numm vum Stat dat maa-chen. Mir hunn um Niveau vun der SNCI eng ganz Rei Mesuré geholl, fir och ent-géintzewierken.

Dir hutt d’Explikatioun vum Rapporteur héieren. Ech mengen, et ass ganz essen-ziell, dass een de Leit hei seet, dass hei elo net all Betrib, dee mengt, en hält elo ee Mo-ment e klenge Problem, hei laanscht geet - wéi ee seet - an an d’Keess geet. Hei muss ee scho weisen, dass een éischstens e Be-trib ass, deen eng gewësse Valeur an eng gewëssen Importenz duerstellt. Et muss ee weisen, dass een all Efforté selwer vu sen-ger Säit gemaach huet. Et muss ee weisen, dass een och net a Konkurrenz onnëtzer-weis mat anere Betriber ass, esou dass do Schwierigkeete kënnen opdauchen.

Et gëtt also eng schwierig Aufgab an e schwierege Balanceakt, fir hei net konkur-renzverzerrend virzegoen an och net, fir mat der Géisskan virzegoen. Duerfir hunn ech och e Grupp en place gesat, deen ass scho säit e puer Wochen en place, deen herno dem Minister soll u sech den Avis ofginn, wat ze ënnerstëtzen ass a wat net ze ën-nerstëtzen ass.

Dir hutt gefrot, fir dass d’Mutualité de Cau-tionnement vum Handel a vum Handwierk, där hir Verloschter iwwer e Kredit vum nächste Joer u sollen och ofgedeckt ginn. Ech hunn am Prinzip kee Problem domad-der. Mir musse just wëssen, dass, wa mer am Kader vun den Aidë bleiwen, och déi do müssen am Kader vun den Aidë bleiwen.

Dat heescht, ech hunn och kee Problem, wa mer eis hei géifen eens ginn, dass mer esou e Kredit aschreiwen. Mir müssen awer wës-sen, dass och déi sech deene Regele mus-sen ënnerwerfen. Ech menge souguer, si kënnten eng Hëllef sinn. Administrativ - wëll ech soen - kënne se eng Hëllef sinn, well si eng Rei Problemer mat ganz klenge Betri-ber méi schnell vläicht kënnte léise wéi mir um Niveau vum Wirtschaftsministère.

Duerfir wär et eng Hëllef, déi ech gesinn. Mä mir müssen d’Konditiounen vun der Stee genau definéieren, well si musse sech un déiselwecht Regeln halen, wéi mir dat maachen. Da kënne mir iwwert dee Wee och eng Ënnerstëtzung ginn. Ech hunn also kee Problem domadder. A wann ech richteg verstanen hunn, ass dat do jo net nëmmen eng Démarche vun der DP-Fraktioun ge-wiescht, mä do ass an der Kommissioun eng Unanimitéit gewiescht, souwäit ech dat gesinn.

Den Här Sauber, mengen ech, wollt eppes soen.

» M. le Président.- Här Sauber, wann ech gelift.

(Interruption)

Ass et eng Fro oder eng Ried?

(Interruptions)

» M. Marcel Sauber (CSV).- Vlächit eng kuerz Bemierkung do derzou, zu der Proposition vun der Motioun, wann Der er-laabt. Ech géif nach gären dat eent oder dat anert derbäifügen, datt se komplett ass an esou verstan an deem Charakter, wéi de Mi-nister et elo explizéiert huet.

An zwar, wat an der Motioun e bëssen ën-nergaangen ass, Madame Flesch, datt sinn déi zwee Voleten. Et sinn zwou Saachen, déi viséiert sinn. Dat eent ass d’Couverture des pertes an dat Zweet ass d’Dotation en capital vun deenen zwou Mutualitéiten. Sou. An der Motioun ass nëmmen eng, déi esou richteg zum Droe kënnt.

Wann Der d’accord wäert, da géif ech pro-poséieren, datt mer verschidde Saache géife compléitéieren. An zwar am éischten Alinea, do géif ech derbäischreiwen direkt: «ainsi que la dotation en capital de couverture des cautionnements». Wann een dat do géif derbäischreiwen, wou dann am zweeten Alinea forcément de Pluriel kéim, am drëtten Alinea och, an am drëtten Alinea och, do ass et Loi budgétaire, «la loi budgétaire». Do feelt d’Gesetz. „Loi“, dat Wuert feelt.

(Interruption et hilarité)

» M. le Président.- Also ech muss soen, Här Sauber, mir sinn de Moment net am Kontext vun dem Libellé vun der Mo-tioun. Et ass ganz schéin. Ech géif lech pro-poséieren, gitt ons Är schrëftlech Proposi-tion de modification erop. Den Här Minister muss jo op d’Motioun an hirer Globalitéit kënnen äntwerten.

» Une voix.- Très bien!

» M. Marcel Sauber (CSV).- Kee Pro-blem, ech hu se hei. Si ass handgeschriw-wen.

» M. le Président.- Très bien. Dann herno bei der Diskussioun vun der Motioun erkläert Der nach eng Kéier, wéi et ze ver-stoen ass.

» M. Marcel Sauber (CSV).- D’accord.

» M. le Président.- Här Krecké, et ass elo un lech fir weiderzefueren.

(Interruption)

» M. Jeannot Krecké, Ministre de l’Economie et du Commerce extérieur.- Merci, Här President. Also, ech hu just ge-sot, dass ech kee Problem hätt mat enger ähnlech gelagerter Motioun, well ech och gesinn hunn, wat am Rapport doriwwer steet, an dass déi nächst Regierung an déi Richtung ka goen. Virausgesat, wéi gesot, déiselwecht Regele ginn agehalen, hunn ech domadder kee Problem.

Et sinn hei Diskussiounen eropkomm iwwert d’Ausmooss vun de budgetären Implika-tiounen. Ech muss lech soen, et ass natier-lech ganz schwéier, dat hei anzeschätzen, sou wéi bei mir ëmmer déi Artikele mat enger fënnef vir, d’Budgetsartikelen, schwéier anzeschätze sinn. Dat sinn déi Hëllesartikele beim Invest, déi mir hunn. Do weess ech och ni, wat op eis zoukënnt, an dofir sinn dat ëmmer Crédits non limitatifs. An dofir muss een och déi Zuelen, déi hei ageschriwwen sinn, mat där noutwendeger Virsiicht huelen.

Mir probéieren dat mat deene Kritären, déi mer definéiert hunn, wou mer jo probéiert hunn, dat Ganzt awer kloer anzéengen, esou ze gestalten, dass dat gerecht ge-schitt. Dass dat geschitt esou, dass net Konkurrenzverzerrunge sinn. Dass dat ge-schitt esou, dass keen unfug geschitt, an dass mer dann am Respekt awer vun deem, wat mer budgetär wëllen och spéider erree-chen, nämlech kucken, deen Defizit, op dee mer lasssteieren, dass mer deen an de Limité behalen, selbstverständlech.

Duerfir, Här President, ech ka keng absolut Garantie fir déi Zuele ginn, déi hei age-schriwwen ginn. Ech wëll drop verweisen op déi Fro, déi gestallt ginn ass, dass... Op där enger Säit gëtt et schonn e Budgetartikel. Dat ass dee vun den Aiden, deen hu mer schonn. Dee gëtt also ausgeweit an der Méiglechkeet, dass et elo 500.000 ass. Wat d’Garantien ubelaangt, steet am Gesetz eng extra Dispositioun, déi een Artikel am Budget bäifügt.

Esou wäit, Här President, vu menger Säit dozou. Deen zweete Volet, net d’Kris of-hiewen, mä d’Betriber anescht opstellen, anescht orientéieren, wëll ech beim nächste Projet erläuteren.

Ech soen lech Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Minister. Dir Dammen an Dir Härën, mir kommen dann zum Vote vun deenen zwee Projeten.

(Interruption)

Fir d’éischt maache mer, Här Sauber, de Vote vun de Projeten.

**Vote sur l’ensemble du projet de loi 6003 et dispense du second vote constitutionnel**

De Vote fänkt un. Et geet elo fir d’éischt ëm de Projet 6003. Vote par procuration. D’Of-stëmmen ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6003 ass mat 59 Jo-Stëmmen ugeholl.

(Interruption)

Mir kontrolléieren dat. Op jidde Fall ass de Projet eestëmmeg ugeholl.

*Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6003 est adopté à l’unanimité des 60 votants.*

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Laurent Mosar), Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Marc Spautz), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par Mme Françoise Hetto-Gaasch);*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall’Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall’Agnol), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roland Schreiner);*

*MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Carlo Wagner), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

Gëtt d’Chamber d’Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

**Vote sur l’ensemble du projet de loi 6004 et dispense du second vote constitutionnel**

Mir stëmmen dann iwwert de Projet 6004 of, wann d’Technik esou wäit ass, an elo ass et esou wäit. Vote par procuration.

(Interruptions)

Sidd Der um Enn, Här Etgen?

(Interruption)

De Vote ass och hei ofgeschloss.

De Projet de loi 6004 ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Laurent Mosar), Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Marc Spautz), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall’Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roland Schreiner);*

*MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par Mme Colette Flesch), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

Gëtt och hei d’Chamber d’Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

**Motion 1**

D’Motioun, déi mer an der Zwëschenzäit kruten, mat de Korrektur vum honorabelen Här Sauber. Här Sauber, ass nach eppes bäizefügen?

» M. Marcel Sauber (CSV).- Här Pre-sident, also déi Motioun, déi resultéiert jo am Fong logescherweis aus dem Accord unanime wou mer haten an der Kommis-sioun, fir och en faveur méi spezifesch vun deene Kleng- a Mëttelbetriber eng Mooss-nam ze huelen, andeems datt déi Organi-satiounen, déi do bestinn, déi zwou Mutua-litéiten, déi jo am Fong Selbsthilfeorganer sinn, fir déi weider ze ënnerstëtzen, datt déi Betriber do och iwwert d’Hürde besser kommen.

Sou datt mir déi Motioun do begrëissen. Mir géifen allerdéngs gären déi zwee Volete kucken.

Et ass elo ee Volet hei ugeschriwwen, wann een deen éischte Paragraph kuckt, do geet et ëm d’«réinscription dans la loi budgétaire d’une participation étatique temporaire à la couverture des pertes (...)». Et ass net eleng d’Couverture des pertes, sou datt ech géif de Saz hanne fäerdeg maachen: «ainsi que la dotation en capital de couverture des cautionnements».

Wa mer do d’accord wären, da wäere mer do schonn ofgehaakt.

Da gëtt et forcément am zweeten Alinea e Pluriel, wou Einzahl elo steet; am drëtten Alinea och. Am drëtten Alinea feelt dat Wuert „loi“ bei „la loi budgétaire“.

An am véierten Alinea géif ech propo-séieren, well dat e bëssen en Noge-schmaach huet: «dépendant souvent des capacités de développement résiduelles de l’industrie». Ech géif do proposéieren, „résidu-elles“ ze sträichen, well dat näischt derzou bäidréit, mä et ass pejorativ vis-à-vis vun deene Betriber. Si maachen net on-bedéngt e Marché résiduel, si maachen effektiv e Marché.

An da kéim een op d’Invitatioun un d’Re-gierung: «à inscrire dans le projet de loi budgétaire (...) deux nouveaux articles à caractère non limitatif, l’un introduisant un „fonds de garantie“ (...)» - an esou virun - «et l’autre le remboursement partiel des pertes subies (...)».

Ech mengen, da kënne mir déi Motioun do mat ënnerschreiwen. Dann ass absolut kee Problem an et entsprécht och deem, wat an der Kommissioun zrëckbehalde ginn ass.

» M. le Président.- Merci, Här Sauber. Ech ginn dervun aus, dass jiddwereen déi Modifikatiounen verstanen huet, déi den Här Sauber virgedroen huet.

(Interruptions)

Oder verlaangt een, dass mer fir d’éischt de korrigéierten Text virleeën?

(Interruption)

Fir d’éischt de korrigéierten Text, an da stëmme mer iwwert d’Motioun of. Den Text gëtt dann an Uerdnung bruecht. E gëtt aus-gedeelt.

(Interruptions)

Madame Flesch, wann ech gelift.

» Mme Colette Flesch (DP).- Här Pre-sident, einfach fir ze soen, dass ech absolut d’Propositionen vum Här Sauber wëilt akzeptéieren. Si schéngen mer an der Logik vun den lwwerleeunge vun der Kommis-sioun ze sinn.

De Sënn vun der Motioun wor einfach, an engem Text festzehalen, wat mer bäilleefeg an engem Rapport haten, fir dass och bei



där nächster Budgetsdebatt dat do net vergiess gëtt.

Merci, Här President.

»» M. le Président.- Gutt. Här Fayot, wann ech gelift.

»» M. Ben Fayot (LSAP).- Här President, ech wollt just signaléiere mat onsem Accord zu där Motioun, dass mer selbstverständlech och bereet si fir mat ze ënnerschreiwen, wann dat vun der DP aus gewënscht gëtt. De John Castegnaro...

»» M. le Président.- Gutt. Mä et gëtt eréischt iwwert d'Motioun ofgestëmmt, wann den Deputéierten och den definitiven Text virläit.

(Interruptions)

Dir Dammen an Dir Hären, et ass awer net, wéi wa mer elo fäerdeg wäre mat votéieren. Mir votéieren elo eng Partie Projeten, déi nach nozehuele sinn.

7. 5921 - Projet de loi

1) ayant pour objet la transposition de la directive 2005/36 pour ce qui est: a) du régime général de reconnaissance des titres de formation et des qualifications professionnelles; b) de la prestation temporaire de service

2) modifiant la loi du 17 juin 1963 ayant pour objet de protéger les titres de l'enseignement supérieur

3) abrogeant la loi du 13 juin 1992 portant: a) transposition de la directive du Conseil (89/48/CEE) relative à un système général de reconnaissance des diplômes d'enseignement supérieur qui sanctionnent des formations professionnelles d'une durée minimale de trois ans; b) création d'un service de coordination pour la reconnaissance de diplômes à des fins professionnelles (suite)

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt de Projet 5921 iwwert d'Un-erkennung vun de professionelle Qualifikatiounen. D'Ofstëmme fänkt un. Et ass de Projet de loi 5921. Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5921 ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Laurent Mosar), Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Marc Spautz), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Romain Schneider), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roland Schreiner), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par Mme Colette Flesch), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Ech héieren, dass dat eng grouss Majoritéit ass. Dann ass et esou décidéiert.

8. 5884 - Projet de loi portant création

a) d'un Institut national des langues

b) de la fonction de professeur de langue luxembourgeoise et portant modification: a) de la loi du 19 juillet 1991 portant création d'un Service de la formation des adultes et donnant un statut légal au Centre de langues Luxembourg; b) de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État; c) de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État (suite)

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Mir kommen zu dem Vote vum Projet de loi 5884 iwwert den Institut national des langues. Och hei ass de Vote amgaang. Perséinlech Stëmmen. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

Och dëse Projet ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Laurent Mosar), Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Raymond Weydert), MM. Fred Sunnen (par Mme Nancy Arendt), Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Romain Schneider), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roland Schreiner), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Jacques-Yves Henckes) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber och hei d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

9. 5895 - Projet de loi portant transposition de la directive 2004/48CE du Parlement européen et du Conseil du 29 avril 2004 relative au respect des droits de propriété intellectuelle et portant désignation des tribunaux des dessins ou modèles commu-

nautaires, et ayant pour objet de modifier:

- la loi modifiée du 18 avril 2001 sur les droits d'auteur, les droits voisins et bases de données

- la loi modifiée du 20 juillet 1992 portant modification du régime des brevets d'invention (suite)

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5895, eng Direktiv iwwert d'Propriété intellectuelle.

(Interruption)

Dofir hunn ech dat och vun der Motioun virdru gesot. Ganz richtig, Madame Flesch.

(Interruption)

Jo. De Vote ass och hei eestëmmeg: 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Laurent Mosar), Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Marc Spautz), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Alex Bodry), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roland Schreiner), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

10. 5991 - Projet de loi relatif à la réalisation du Campus scolaire de Mersch pour le Neie Lycée et pour le Lycée technique pour professions éducatives et sociales par le biais d'un partenariat public-privé (suite)

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

An da komme mer zum Vote vum Projet de loi 5991 iwwert de Bau vun engem Schoul-campus zu Miersch. De Vote ass amgaang. Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

Nach eng Kéier 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Laurent Mosar), Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Marc Spautz), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roland Schreiner), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. John Castegnaro);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Alexandre Krieps), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Jacques-Yves Henckes) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt och hei d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir hu scho laang hannereneen net méi esou vill Unanimitéit hei an der Chamber gesi gehat.

(Interruption et hilarité)

Gutt, Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg. Dat ass de Projet de loi 6005 iwwert d'Recherche. Rapporteur ass den honorabelen Här Alex Bodry. Ageschriwwé sinn: den Här Oberweis, d'Madame Flesch an den Här Kox. Här Bodry, d'Tribün ass fir lech.

11. 6005 - Projet de loi ayant pour objet

1. la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation

2. les missions de l'Agence nationale pour la promotion de l'innovation et de la recherche

3. la création d'un Fonds spécial pour la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation

et modifiant la loi modifiée du 27 juillet 1993 ayant pour objet

1. le développement et la diversification économiques

2. l'amélioration de la structure générale et de l'équilibre régional de l'économie

Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports

»» M. Alex Bodry (LSAP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Lëtzebuerg geet konsequent a Richtung Fuerschung, Entwécklung an Innovatioun. Dëse Gesetzesprojet huet zum Zil, duerch verstärkt Hëllef an e verbessert Enca-drement d'Betribber zu Lëtzebuerg méi innovativ ze maachen.

An dësem Konjunkturprogramm vun der Regierung stäerkt also dëst Gesetz déi no-halteg an déi laangfristeg Dimensioun vun der Wirtschafts- a vun der Betribspolitik hei zu Lëtzebuerg.

Hei dréit et sech also net ëm eng schnell, temporär Reaktioun op d'Kris an d'Rezessioun, mä villméi ëm eng Verstärkung vun engem vun de Grondpilieren vun der Weiderentwécklung vum Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg.

Duerch méi Fuerschung, duerch innovativ Produkter, Procédéen an Aarbechtsorganisatiounen sicht eist Land Schrëtt ze hale mat den Erausforderunge vun enger globaliséierter Wirtschaft an enger Neiverdeelung vun den ökonomeschen Aktivitéiten.

Lëtzebuerg brauch niewent modernen Dëngschtleeschungsbetribber och e produktive Secteur; Betribber, déi Produkter mat héijem Méiwäert herstellen, transforméieren a verdreiwen. Nëmme Secteuren an Entre-prises, déi systematesch op Innovatioun setzen, déi modernsten Techniken a Methoden asetzen, wäerte sech op Dauer géintiwwer der Konkurrenz behaapte kënnen. Lëtzebuerg brauch also e regelrechten Innovatiounspakt ronderëm eis Uni, ronderëm d'Centres de recherche an d'Betribber. Net vun ongeféier gëtt duerch dëse Gesetzesprojet de GIE Luxinnovation zu engem wirk-same Relais fir innovativ Betribber ausgebaut.

Et wär sécherlech och ubruecht, dass grouss öffentlech Betribber, an och Betribber